


Afin de fixer quelques traits de l'heureuse douceur et de la sagesse populaire ainsi que rires, larmes, tendresse et humour qui marquèrent la vie quotidienne dans l'Arelerland, vous trouverez dans ce calendrier, expressions, proverbes et dictons typiques de la langue luxembourgeoise.
Cette sélection, réalisée par S. Clesse, reflète la mémoire collective des habitants et se base également sur le dictionnaire et l'usage actuel.
Sur les cartes anciennes reproduites (collection G. Thommes) une foule de personnages illustre l'originalité et la vitalité de notre région.
Nos vifs remerciements s'adressent à toutes les personnes qui ont aidé à la réalisation et à la diffusion de ce document permettant de goûter à la saveur du terroir.

# Volleks Kalenner fir d'Jor 1999

Ce calendrier a été réalisé et édité par ARELERLAND A SPROOCH,
association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoise

Photo de couverture : D'Postkutsch virum «Hôtel du Nord» am Jor 1826.



ARELER LAND A SPROOCH

SPAASSEN A LAACHEN
-Déi arem Leit op der plakker Gewan, sot den Ellespill, du souz hien hannert engem Länkhallem.


EPHEMERIDEN
Hallefdäischter Moundfinsternes, den 31 Januar, um 16 Auer 18' - 11 Léiw 20.

# 1999

Arel-Arlon : D'Statioun - La gare du chemin de fer (1929)

# JANUAR - HAARTMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Freideg | 1 | Wien nët aarbecht, soll nët iessen! ........ NEIJOOSCHDAG |
| Samschdeg | 2 | Et gët nach Aarbecht wa mir nët do sin! ........ 02 Auer 51' |
| **SONNDEG** | **3** | En huet d'Aarbecht gär, wa se gemat as ........ EPIPHANIE - *Genoweva* |
| Méindeg | 4 | E fäert d'Aarbecht nët, e leet sech derbäi ........ |
| Daaschteg | 5 | Wéi bäim Dësch esou bäi der Aarbecht ........ *Eduard* |
| Mëttwoch | 6 | D'Aarbecht schänt nët, mä d'Hënn krepéieren dervun ........ DRÄIKINNEKSDAG |
| Donneschteg | 7 | Wann d'Aarbecht räich méich, da wir den lesel méi räich ewéi de Mëller ........ |
| Freideg | 8 | Déi Aarm droen hiirt Kräiz um Bockel, déi Räich féieren hiirt an der Kutsch ........ |
| Samschdeg | 9 | E war esou arem wéi eng Kiirchmaus ........ 14 Auer 23' |
| **SONNDEG** | **10** | Wat méi arem, wat méi warem! ........ JESUSDEEFONG |
| Méindeg | 11 | E fäert sech den Aasch aus der Box ........ *Paulinus* |
| Daaschteg | 12 | Besser engem aarme Mann seng Fra wéi engem räiche seng Mod ........ |
| Mëttwoch | 13 | Wann den Aarmutt un der Dir klappt, spréngt d'Léift zur Fënster eraus ........ |
| Donneschteg | 14 | Et as kee Papp a keng Mamm sou arem, si halen hire Kanner warem ........ |
| Freideg | 15 | E géing säin Aasch verléieren, wann e nët ugewues wir ........ *Remi* |
| Samschdeg | 16 | Deen do huet den Aasch (Bockel) voller Schold ........ *Marssël* |
| **SONNDEG** | **17** | Déi zwee sin e Kapp an en Aasch zesummen ........ 15 Auer 17' |
| Méindeg | 18 | Déi eng hun en Aasch wéi e Kutschepäerd, aner wi Quetschsteng ........ |
| Daaschteg | 19 | Si huet eng Gabber wéi en Affekot! ........ |
| Mëttwoch | 20 | Mir wannen, soen d'Affekoten, se schneiden wéi d'Schéieren alles wat se tëschent sech kréien ........ *BASCHTIANISDAG* |
| Donneschteg | 21 | Aalt Eisen, ale Goss, al Fraen, ale Verdross ........ *Agnis* |
| Freideg | 22 | Wann déi al Scheiere brennen, as kee Läsches méi ........ |
| Samschdeg | 23 | Wat méi al, wat méi knaddereg, knéckeg a kal! ........ |
| **SONNDEG** | **24** | Wat méi jonk, wat méi domm! ........ 19 Auer 16' |
| Méindeg | 25 | En ale Kniecht an eng jong Mod gët gären e grousse Stot ........ *PAULUSBEKÉIRONG* |
| Daaschteg | 26 | Et as een allzäit al genuch awer keemol weis genuch ........ *Timotéi* |
| Mëttwoch | 27 | Déi Al soll een éieren, déi Jong soll ee léieren, déi Verstänneg froen an d'Gecke verdroen ...... |
| Donneschteg | 28 | Déi al Leit musse stierwe mä déi jong Leit kënne stierwen ........ *Angela* |
| Freideg | 29 | KANNEREIEN : - Du aarme Wiermchen, a wou wunns de?<br>- An deem Haus wou d'Dir am Angel ageet! |
| Samschdeg | 30 | - A wat mat dir do?<br>- Mir zillen Afen!<br>- Ma wéi heeschs de? |
| **SONNDEG** | **31** | - Mam Mond an huele mat den Hänn af! ........ *Mutien-Marie* 16 A 08' |



Attem-Athus : D'Breck op der Messancy - Le pont (1908)

SPASSEN A LAACHEN
- Den Alter geet vir, sot den Ellespill du huet e seng Groussmamm d'Trap erafgehäit !

EPHEMERIDEN
Rankfinsternes vun der Sonn, den 16 Feb. um 6 Auer 34' - 27 Wassermann 08

**1999**

# FEBRUAR - SPIIRKEL

## KAZEMOUNT - SCHNÉIMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Et as nit all Dag Kiirmes! ........ | *Brigide* |
| Daaschteg | 2 | All Ufank mécht Krazes! ........ | LIICHTMESDAG-FUESENT |
| Mëttwoch | 3 | Deen all Bam fäert, kënnt säi Liewen nit an de Bësch ........ | *Bläs* |
| Donneschteg | 4 | Se schlofen nit all déi d'Aen zou hun! ........ | *Gilbert* |
| Freideg | 5 | En huet d'Maangelen allen dräizeng! ........ | *Agätt* |
| Samschdeg | 6 | Elo gët erëm Alleluja! Si hu gewonn! ........ | *Dor* |
| **SONNDEG** | **7** | Allerhand ... dat si Fraleitsbändelen ........ | *Rischar* |
| Méindeg | 8 | Et kann een alles iessen awer nit alles soen ........ | *Jherom* 11 Auer 59' |
| Daaschteg | 9 | Alles huet en Enn, nëmmen d'Wurscht huet der zwee ........ | *Appelin* |
| Mëttwoch | 10 | Den Alter as och eng Kränkheet, géint déi ee sech nët duerf stäipen wann ee laang wëllt liewen ... | |
| Donneschteg | 11 | D'Mänong mécht alles! Alles oder näischt! ........ | *Léiffra vu Lourdes* |
| Freideg | 12 | D'Jugend déi waacht, den Alter dee schléift, sin allen zwéin no bäim Doud ........ | |
| Samschdeg | 13 | Wat ee sech agebrächt huet dat muss een ausiessen ........ | Beate |
| **SONNDEG** | **14** | E kéiert an wou nëmmen eng Strauss wenkt! ........ | FUESSONNDEG *Zirill* |
| Méindeg | 15 | Se hat him et ewell zengmol ageprafft ........ | FUESMEINDEG *Fausti* |
| Daaschteg | 16 | De Spott deens du gedriwwen, dee gët der ageriwwen ........ | FUESDËNSCHDEG 6 A 40' |
| Mëttwoch | 17 | Et kuckt an déi aner Woch! Looss et mat Rou! ........ | FAASCHTEN ÄSCHEMETTWOCH |
| Donneschteg | 18 | Wat ee nit aschlécke kann, muss een erausspäitzen ........ | *Bernadette* |
| Freideg | 19 | Besser e béist Wuurt ageschléckt wéi gesot, dovu bascht een nët ........ | |
| Samschdeg | 20 | Et geet him zu engem Ouer eran an zum aneren eraus! ........ | |
| **SONNDEG** | **21** | Een as deem aneren säin Däiwel ........ | OUNESONNDEG - *Pater Damien* |
| Méindeg | 22 | Deem enge säin Doud, deem anere säi Brout ........ | |
| Daaschteg | 23 | Eent nom aneren, sot de Mëller, du huet e seng Kanner der Rei no gebäätscht ........ | 2 A 44' |
| Mëttwoch | 24 | Du spréngs vun engem Pull an deen aneren ........ | *Mathaïs* |
| Donneschteg | 25 | D'Gecke sin och Leit, awer keng wéi déi aner ........ | *Romeo* |
| Freideg | 26 | En aner Dag, en aner Maart! ........ | *Nestor* |
| Samschdeg | 27 | KANNER FUESLIDD<br>Léiwer Herrgottsblieschen, gët ons Speck an lertsen<br>Ee Pond, zwee Pond, dat anert Jor da gët der gesond!<br>Loosst déi jong Leit liewen, loosst déi al Leit stierwen... | |
| **SONNDEG** | **28** | Kommt der bal? Ons Féiss gin ons kal! ........<br>Kommt der gläich, da gi mer op d'Schläich.<br>Kommt der nët gewëss, da kritt der e Schouss voll Nëss. (eng ferm op d'Schnëss!) | BOUNESONNDEG |




Miezeg-Messancy : D'Statioun an den Zuch - Arrivée du train (1927)

SPAASSEN A LAACHEN
- A wat as da lass?
Du sot den Ellespill :
- Alles wat nit ugestréckt as!
- Du solls äis eent blosen ...
- Du sot den Ellespill :
- Déck Baken as nach laang keng Musék!

# 1999

# MÄERZ - LENZMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Den Apel fält nit wäit vum Bam! | *Aubin* |
| Daaschteg | 2 | Den Appetit kënnt mam lessen | 07 Auer 00' |
| Mëttwoch | 3 | Äppel no Ousteren a Meedercher no 30 Joer, hun de beschte Geschmaach verluer | |
| Donneschteg | 4 | Et as ee wéi den dräizengten Apostel | *Kasimir* |
| Freideg | 5 | Et as eent wéi eng Auer! | *Irène* |
| Samschdeg | 6 | Et mécht aus enger Méck en Elefant | |
| **SONNDEG** | **7** | Dit lech nit aus bis Der schlofe git | KROUNESONNDEG |
| Méindeg | 8 | D'Kréien as nit schwéier, awer d'Behalen | |
| Daaschteg | 9 | Si gläiche sech wéi en Ä deem aneren! | *Franziska* |
| Mëttwoch | 10 | Hien as een wéi eng Äach | 08 Auer 41' |
| Donneschteg | 11 | Hie gët versuergt wéi e réit Ä | |
| Freideg | 12 | Ech verwënschen e bis an den Äerdbuedem eran! | *Justine* |
| Samschdeg | 13 | Dat as en dommen deen säin eegent Naascht beschäisst! | |
| **SONNDEG** | **14** | Den Äifer schued der Schéinheet! | HALLEFFAASCHTENSONNDEG |
| Méindeg | 15 | Ee Geck mécht der honnert! | *Louise* |
| Daaschteg | 16 | Hien as eent an alles bäi him | |
| Mëttwoch | 17 | D'Guttheet as e Stéck vun der Dommheet! | 18 Auer 49' |
| Donneschteg | 18 | Dee steet scho mat engem Fouss am Graf | |
| Freideg | 19 | Deen an der Kaart fautelt as och soss en Déif | JOUSEFSDAG |
| Samschdeg | 20 | En huet eng am Batz (= am Biz = an de Been) | |
| **SONNDEG** | **21** | Eiser een léisst sech nit grad op d'Nues fleeten | ELLESONNDEG |
| Méindeg | 22 | Deen do huet awer e Fuurz am Kapp | FREIJOR |
| Daaschteg | 23 | Deen als Äfalt fortgeet, kënnt als Dabo erëm | |
| Mëttwoch | 24 | Wat een nët änere kann, soll ee roueg erdroen | 10 Auer 19' |
| Donneschteg | 25 | Eng gutt Äntwert huet all säi Liewe gutt gedoen! | *Maria-Verkënnegong* |
| Freideg | 26 | Hien as och derbäi wou eng Kaz duurch d'Baach geschleeft gët | |
| Samschdeg | 27 | Si streide fir dem Kaiser säi Baart! | |
| **SONNDEG** | **28** | STOOTSGESPREICH | PÄLLEMSONNDEG |
| | | D'Fra : - Hal d'Gesiicht an den Duurchzuch, da brauchs de kee Baart ze maachen | |
| Méindeg | 29 | De Mann : - Wat gët dann haut gekacht? | *Gladys* |
| | | D'Fra : - Eent Dëppen an deem aneren! | |
| Daaschteg | 30 | De Mann : - Wéi spéit as et elo? | |
| | | D'Fra : - E Véierel op kal lerzen! | |
| Mëttwoch | 31 | De Mann : - Wéivill Auer hu mer dann ewell? | *Benjamin* |
| | | D'Fra : - Esouvill wéi Gëscht ëm dës Zäit! | 22 Auer 50' |




Eibeng-Aubange : D'belsch Grenz - La frontière belge (Maison Plom-Prégnon)

ARELER LAND A SPROOCH

SPAASSEN A LAACHEN
De Fiirwëtz :
- Firwat laachs du fir Biergop ze fueren a kräischs du Biergaf?
Den Ellespill :
- Well Biergop denken ech datt et gläich Biergaf geet awer Biergaf denken ech datt et geschwënn erëm Biergop geet.

# 1999

# ABRELL - GECKSMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Wat eng Babbel! Hal de Bak! | GRENGENDONNESCHTEG |
| Freideg | 2 | Du muss nit jidderengem alles op d'Nues bannen | KUERFREIDEG |
| Samschdeg | 3 | Am Haus solle nit méi Frae si wéi Bakuewelächer! | KUERSAMSCHDEG |
| **SONNDEG** | **4** | En huet eng Bakecht ze mann! | OUSCHTERDAG |
| Méindeg | 5 | Dee bënnt sech eng Rutt op eegenem Aascht | OUSCHTERMEINDEG |
| Daaschteg | 6 | E kuckt sech mam rietsen A an d'lénks Jhillistäsch | |
| Mëttwoch | 7 | Iess nëmmen! De Bauch kann nit fir de Kapp | |
| Donneschteg | 8 | Jidderee lueft seng Kanner wéi de Bauer seng Ranner | *Jhulli* |
| Freideg | 9 | No siechzeg gebaut huet meeschtens geraut | 02 Auer 52' |
| Samschdeg | 10 | Et huet ee besser bäi de Bäcker wéi bäi den Dokter goen | |
| **SONNDEG** | **11** | Et huet missen an de saueren Apel bäissen | WÄISSENOUSCHTERDAG |
| Méindeg | 12 | Déi gebäämt Gääss do laacht iwer e kromme Fanger | *Jhull* |
| Daaschteg | 13 | Vu pur Dommheet fällt hien iwer seng eege Been | *Ida* |
| Mëttwoch | 14 | Bedenk dech gutt iers du et méchs | *Ludwine* |
| Donneschteg | 15 | D'Freien huet näischt ze bedeien awer d'Kreien | |
| Freideg | 16 | Mënsch begann dech, Gott hëlleft der! | 04 Auer 23' |
| Samschdeg | 17 | D'Welt wëllt bedrue sin, da ka se bedrue gin! | |
| **SONNDEG** | **18** | Wat notzt dat schéint Begriefnes wann ee selwer d'Läich as? | |
| Méindeg | 19 | D'ganz Woch krank a sonndes näischt ze begruewen | *Emma* |
| Daaschteg | 20 | Et as sou domm, et behält emol säin Numm nët! | *Odette* |
| Mëttwoch | 21 | Deen do as jo nëmme behänn mam Mond | *Anselm* |
| Donneschteg | 22 | En as bekannt wéi Pilatus am Credo | 19 Auer 03' |
| Freideg | 23 | Wien nët bekäppt deem brigelt een et och nët an | *Jhorsch* |
| Samschdeg | 24 | Beklo dech nit iwer däin Noper an huel dech selwer mat der Nues | |
| **SONNDEG** | **25** | Bekëmmert jidderee sech senger Saach, da fält kee Schneider vum Daach | |
| Méindeg | 26 | Ech géif dech nawel bedauere wann ech Zäit hätt! | *Alida* |
| Daaschteg | 27 | Dës Wieder an anerleits Kanner soll ee sech nit bekëmmeren | *Zita* |
| Mëttwoch | 28 | KANNEREIEN - Margréitchen, wuer gees de?<br>- Blumme pläcken, do weess d'et! | |
| Donneschteg | 29 | Kand! Roueg mat de Been a wibbel mam Hënner!<br>Sief brav soss hëlt de bloen Hond dech! | |
| Freideg | 30 | AWUER! Äddi dann an hal dech monter (spuer dech gesond)<br>da bezuelen ech den Dokter | 14 Auer 56' |




Bunnert-Bonnert : D'Wichtellach - Le trou des Nutons (1903)

LAACHEN A SPAASSEN

De Kitschner :
- As et nach laang bis an d'Stad?
Den Ellespill :
- Et as deemno! Fuert Der lues da sid Der gläich do, fuert Der séier da kann et laang daueren!
De Kitschner : - A wéi dat dann?
Den Ellespill : - De Wee as esou schlecht dass Der e Rad kënnt briechen.

# 1999

# MEE - OKTAVSMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | En as ëmmer hongreg a vu Beruff midd! | AARBECHTSFEST *Jousef* |
| **SONNDEG** | **2** | Besser eng Kuuscht an der Täsch wéi eng Fieder um Hutt | |
| Méindeg | 3 | Wou kee Beschass as, as och kee Sträit | *Flëp a Jhak* |
| Daaschteg | 4 | Firwat mir de Kapp beschwéieren mat anere Leit hirem Efalt? | |
| Mëttwoch | 5 | En as drop besiess wéi der Däiwel op eng aarm Séil | *Judith* |
| Donneschteg | 6 | Bestued dech da gës de beschass, stierf da gës de gelueft | |
| Freideg | 7 | D'Bestueden as e Vullekuerf, déi dra si wire gär eraus | *Gisela* |
| Samschdeg | 8 | Geschwë bestued huet oft laang geschued | V-DAG 1945 17 Auer 30' |
| **SONNDEG** | **9** | Eng Bees ouni Baart, eng Rous ouni Blat! | |
| Méindeg | 10 | Vun enger Bees bleift keng blo Plaz! | OKTAV vun der LEIFFRA |
| Daaschteg | 11 | Ee Besuch mécht ëmmer Freed, sief et wann e kënnt oder wann e geet | |
| Mëttwoch | 12 | Dee fir d'éischt laacht, laacht am Beschten | *Pancrace* |
| Donneschteg | 13 | Déi Lescht sin déi Bescht! | CHRISTIHIMMELFAART |
| Freideg | 14 | Besser e Glifchen an der Pan wéi en Hiecht am Weier | *Bonifacius* |
| Samschdeg | 15 | Besser Mécke gefaang wéi méisseg gaang! | *Soffi* - 12 Auer 06' |
| **SONNDEG** | **16** | Besser jonk dra gesprong wéi al dra gezwong! | *Honoré* |
| Méindeg | 17 | Besser voll wéi geckeg, a besser spéit wéi nit! | *Pascal* |
| Daaschteg | 18 | Eent nom aneren ... wéi d'Geess d'Bëtschele mécht | *Eric* |
| Mëttwoch | 19 | Wéi ee säi Bett mécht, esou schléift een! | Yw |
| Donneschteg | 20 | En huet all Helleg aus der Bibel ugeruff! | *Bernardin* |
| Freideg | 21 | Froen a bidden mécht de Maart | *Constantin* |
| Samschdeg | 22 | Et hat eng gutt Nonn fir hie gebied | *Rita* 5 Auer 35' |
| **SONNDEG** | **23** | D'Bierger begéine sech nit mä d'Leit awer! | PÄISCHDAG |
| Méindeg | 24 | Huelt de Biessem a kiert vrun Ärer Dir | Bittgang op Giisch |
| Daaschteg | 25 | Bas de béis da leck de faule Kéis | Sprangprozessioun vun Iechternach |
| Mëttwoch | 26 | Besser Leit hu besser Saachen, wat se nit hun loosse si maachen | |
| Donneschteg | 27 | Du bas de Beschten ... deen an dénger Haut stécht | August |
| Freideg | 28 | Si schafft am Beschte mam Biessem vrun deen anere Leit hirem Haus | |
| Samschdeg | 29 | Sou as et an der Welt : deen een huet de Beidel, deen aner d'Geld | |
| **SONNDEG** | **30** | HUMOR A LEIFT ... Den Himmel as blo, ee fort dann as deen aner do! | DRÄIFALTDEGKEET 6 Auer 41' |
| Méindeg | 31 | D'Bestiednes as eppes wéi en Hëngerhaischen : déi dobausse sin, gaakse fir eran ..., déi dobanne sin, gaakse fir eraus! («Op der Juegd» - Dicks) | |




Maartel-Martelange : Dem Läitnant Liedel säi Fliger nom Onfall.
L'avion du lieutenant Liedel (27 juin 1914)

ARELER LAND A SPROOCH

SPAASSEN A LAACHEN
D'Fra sot :
- A wou as d'Ham déi an der Haascht hung?
Den Ellespill äntwert :
- De laange Broochmount as elo grad heesche komm an ech hun him se gin.

**1999**

# JUNI - BROOCHMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Wann ech Pater gin, da kriss du e Bild vu mir! | *Justin* |
| Mëttwoch | 2 | Ech werfen nach Bire vun de Beem mat denge Schanken! | |
| Donneschteg | 3 | Dat do dauert vun zwielef Auer bis Mëtteg | *Kévin* |
| Freideg | 4 | Kräisch nit bis dass de geschloe bas | *Clothilde* |
| Samschdeg | 5 | Bäi de Blannen as de Schiele Kinnek | |
| **SONNDEG** | **6** | So näischt bis dass de weess wat lass as | ZERLÄICHENDAG |
| Méindeg | 7 | So nët jupp bis de doiwer bas a free dech nët bis d'et hues! | 04 Auer 21' |
| Daaschteg | 8 | Et geet emol keen Hond widder hie pissen | *Muerder* |
| Mëttwoch | 9 | Dat sin déi blannst vun allen déi nët wëlle kucken | *Diana* |
| Donneschteg | 10 | D'Léift mécht blann, si fält op e Rousestack oder op e Kéiflapp | |
| Freideg | 11 | Deen huet jo wuel de Schiele op e Blanne vertauscht | *Barnabé* |
| Samschdeg | 12 | D'Leift mécht blann an duerno fuere vill d'Aen op wéi Ginsescheeken | |
| **SONNDEG** | **13** | Deen nët ka blecken soll och nët zecken | PAPPENDAG *Touni* 19 Auer 04' |
| Méindeg | 14 | Mäi Messer heescht nët Léin mä Mrei bleif hei | |
| Daaschteg | 15 | Suerg dass d'Kiirch am Duerf bleift | *Germaine* |
| Mëttwoch | 16 | Dee wëllt blénken dee muss klénken | |
| Donneschteg | 17 | Uewenerëm e Spëtzekranz, ënnererëm de Läpp nit ganz | *Hervé* |
| Freideg | 18 | Et daarf een nët op de Blëtz weise soss gët ee getraff | *Léonce* |
| Samschdeg | 19 | Besser eemol gutt wéi zweemol schlecht | |
| **SONNDEG** | **20** | Ech luede mer deen nët op de Bockel | 18 Auer 14' |
| Méindeg | 21 | Wann een de Blëtz gesäit soll een d'Kräiz maachen | SUMMER |
| Daaschteg | 22 | Blo a rout as Baueremoud ... a gréng as Schënnesch | *Paul* |
| Mëttwoch | 23 | Besser gro wéi nët méi do | NATIONALFEIERDAG vu LËTZEBUERG |
| Donneschteg | 24 | Et muss een ëmmer kaalt Blutt behalen | Gehaansdag |
| Freideg | 25 | E kuckt wéi ee Bock dee Bëschäppel frësst | |
| Samschdeg | 26 | Wie sech eemol de Mond verbrannt huet, bléist eng aner Kéier | |
| **SONNDEG** | **27** | AUSSPRIECHEN : Ent schéint brongt breet Bréimerblat | |
| Méindeg | 28 | AFZIELREIM : Eent, zwee, dräi, Hacke Bounebräi<br>Hacke Bounen Huewerstréi!<br>D'Kënnchen dat läit an der Wéi! | 21 Auer 39' |
| Daaschteg | 29 | - D'Frächen huet de Männchen verluer<br>- D'Kënnchen huet en erëm font | *Pétrus a Paulus* |
| Mëttwoch | 30 | - D'Mais kieren d'Stuff aus,<br>- D'Kaze schloen d'Tromp aus,<br>- D'Villercher laache s'um Kiischtebam aus! | *Martial* |




Nidderälter-Autelbas : D'Agangsdir vum Schlass - La porte d'entrée du château


SPAASSEN A LAACHEN
Als Kand souz den Ellespill hannert dem Papp um Iesel fir an d'Stad. D'Leit hun en ëmmer béis nogejaut.
- A wat hun déi gesinn, sot de Papp. Hien huet de Bouf viru sech gesat. Hien hat nit gesinn dass de Bouf de Läpp opgehoff hat.
- Du hun d'Leit «Näischnotz gejaut. De Papp huet erëm nit gesinn dass de Bouf hinen d'Zong erausgestreckt huet.

EPHEMERIDEN
Deelweis Mountfinsternes den 28. Juli um 11A.35-04 Waassermann 58

# 1999

# JULI - HEEMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Gutt Leit si besser wéi gutt Geld ........................................ | |
| Freideg | 2 | Wéi een an de Bësch rifft sou schaalt et eraus .............................. | *Mariaheimsuchung* |
| Samschdeg | 3 | Mat aner Leits Botter as gutt Schmiere maachen .............................. | *Thommes (Apostel)* |
| **SONNDEG** | **4** | Mengen a Botter klappen (schäissen) as zwäerlä .............................. | *Lisbeth* |
| Méindeg | 5 | En as gebotzt wéi e Festiesel ... an dat as mer esou laang wéi breet ........ | |
| Daaschteg | 6 | E weess nët wou en an de Bounen drunn as .................................. | Maria Goretti - 11 Auer 58' |
| Mëttwoch | 7 | Wann s de ze spéit heem kënns dann hëlt de Nuetsvull (Bëschvull) dech ........ | |
| Donneschteg | 8 | Mussen as eng schwéier Bouss! ............................................ | |
| Freideg | 9 | Mir verléieren de Mutt nit sou laang ee Knapp un der Box as .................. | |
| Samschdeg | 10 | Du bas dem Bopa säi Boxeschësser! .......................................... | *Ulrich* |
| **SONNDEG** | **11** | Spuert fir är eege Brak! ............................... DONATISKIIRMES | *Benoît (Patron Europa)* |
| Méindeg | 12 | Deng Saach as Brach! An deng as Kabes! ...................................... | |
| Daaschteg | 13 | Vill Hänn läsche vill Bränn, awer se sin der Däiwel am Zoppekomp ............ | 2 Auer 25' |
| Mëttwoch | 14 | E war brav... wéi e jonk war ............................... | NATIONALFEIERDAG A FRANKRAÏCH |
| Donneschteg | 15 | D'Uursaache sin do fir ze gebrauchen ........................................ | *Donatisbittgang zu Arel* |
| Freideg | 16 | Wat een nët brauche kann as geschenkt ze deier .............................. | |
| Samschdeg | 17 | D'Braut déi nët viraus kräischt, kräischt hanneno ............................ | Charlotte |
| **SONNDEG** | **18** | D'Braut trëtt dem Bräitchemann, an der Gemeng oder an der Kiirch, op de Fouss, da behält si d'Meeschterschaft .............................................. | |
| Méindeg | 19 | Wou et Brauch as leet een d'Kou an d'Bett .................................... | |
| Daaschteg | 20 | Brav Meedercher a gutt Gäns gi mat Zäit heem ................................ | Margrittendag 9 Auer 01' |
| Mëttwoch | 21 | Vill Käch verdierwen de Bräi ................................. | NATIONALFEIERDAG vu BELGIEN |
| Donneschteg | 22 | Aarm awer brav... wann et och schwéier fält .................................. | *Maria-Magdalena* |
| Freideg | 23 | E suergt datt d'Bréissem an der Kuuscht bleift! .............................. | |
| Samschdeg | 24 | Dat gesäit alles duurch en duebbele Brëll! ................................... | |
| **SONNDEG** | **25** | Dee vill bréngt as wëllkomm! ................................................ | *Jhake* |
| Méindeg | 26 | Et kann een nit all Käpp ënnert een Hutt bréngen! ............................ | *Anna-Jhoachim* |
| Daaschteg | 27 | Wat een nët brennt, brauch een nët ze blosen ................................. | |
| Mëttwoch | 28 | Deen Ongléck huet brécht sech de Fanger am Bräi ............................. | 11 Auer 26' |
| Donneschteg | 29 | Eent Wuurt brengt dat anert! ................................................ | Martha |
| Freideg | 30 | BAUEREKASCHT : Mueres Zopp, Bounen drop!<br>Mëttes Brach, Bounen nach!<br>Owes Bräi, Bounen derbäi! | |
| Samschdeg | 31 | REMEID : Fir séier ze schlofen, lee dech op de Bauch deck dech mam Hënner zou a spill mat degen Zéiwen ........................................ | *Ignace vu Loyola* |



Eemol huet doheem, bäim Ellespill, ee Reider d'Dir opgemeet a mam Päerd eragekuckt a geruff :
- As een do?
D'Äntwert as komm :
- Hei as ee Mann an een Halwen an och ee Päerdskapp!
- Sot mer emol! Wuer geet hei dëse Wee?
- Hei bäi äis gin d'Féisser, an de Wee nit!
Du as de Reider säi Wee gaang ...
EPHEMERIDEN
Total Sonnefinsternes den 11. August um 11 A. 03 - 18 Léiw 21.

Baardebuurg-Clairefontaine : D'Spill vum Ermesinde - 2. Akt
Le jeu d'Ermesinde (VIIe centenaire de sa mort-1947)

# 1999

# AUGUST - HUEWERMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | Eng laang Mass... an e kuurze Brot! | *Fons* |
| Méindeg | 2 | Schneit d'Brout gläich da gës de räich | *Julien* |
| Daaschteg | 3 | Mäi Brout as gebak, sot den Heeschejong, ech gin et nëmme sichen | *Péiter* |
| Mëttwoch | 4 | Léier ësst kengem d'Brout | Curé d'Ars - 17 A. 28' |
| Donneschteg | 5 | Si hun de Kuch virum Brout giess! | Abel |
| Freideg | 6 | E sëtzt do wéi wann d'Hénger em d'Brout geholl hätten | Jésus Verkléierong |
| Samschdeg | 7 | Et verkääft sech d'Brout aus dem Schaf | *Jhuli* |
| **SONNDEG** | **8** | Vill Bridder, schmuel Gidder! Vill Kanner, schmuel Deelen! | *Domenék* |
| Méindeg | 9 | Alles kënnt an d'grousst Buch fir d'lescht Geriicht! | |
| Daaschteg | 10 | D'Bicher léien och, et seet ee jo : léie wéi gedréckt! | *Lorenz* |
| Mëttwoch | 11 | De Buedem zitt de Bam | Klara - 11 A. 10' |
| Donneschteg | 12 | Et darf een nit soen : - Bur ech drénken nët vun der! | |
| Freideg | 13 | Et as weider näischt wéi Buttéck a Pak | *Hippolyte* |
| Samschdeg | 14 | Schéck en lessel fort da kënnt en Dabo erëm | *Evrard* |
| **SONNDEG** | **15** | Engem Dawen as gutt priedegen | MARIENHIMMELFAART |
| Méindeg | 16 | Reent et nët dann drëbst et dach am Geschäft | |
| Daaschteg | 17 | En huet säin Dafschäi verluer | *Hyacinthe* |
| Mëttwoch | 18 | Et kënnt alles un den Dag | *Helén* |
| Donneschteg | 19 | Wat der Dag méi helleg, wat der Däiwel méi elleg! | 1 A. 48' |
| Freideg | 20 | E schwätzt vill wann den Dag laang as! | *Bernard* |
| Samschdeg | 21 | No dräi Deg gët de Gaascht de meeschte Leit Laascht | |
| **SONNDEG** | **22** | Et as näischt méi schlëmm wéi dräi Deg Kiirmes | *Marie-Reine* |
| Méindeg | 23 | Ech krut de Gestank fir den Dank! | *Rosa* |
| Daaschteg | 24 | Dee gär danzt, deem as gutt geien! | *Bartholoméus* |
| Mëttwoch | 25 | Huel den Domm an de Mond a kuck no | |
| Donneschteg | 26 | Et huet mer den Dar aus dem Fouss gezunn! | 23 A. 49' |
| Freideg | 27 | Fir gudden Deeg ze kréien muss Hand an Aarm sech beméien | Natacha |
| Samschdeg | 28 | Bestueden an däfen zugläich, nennt een : sech dommelen | Monik |
| **SONNDEG** | **29** | REMEID : - Et schwätzt ee vu mer, well et dauscht mer am Ouer | Sabine |
| | | - Bäis dech an de Fanger, da bäist hie sech op d'Zong! | |
| Méindeg | 30 | DECKE STRÄIT : Hien : - Ech hätt dat do léiwer réi wéi dech am Botter gebroden! | |
| | | Hatt : - Du kriss en Héngerdreck am Botter gebroden! | |
| Daaschteg | 31 | KANNERSPAASS - Bisewit, bisewit, meng Mamm as krank | |
| | | - Bisewit, bisewit, wat feelt hir dann? | |
| | | - Bisewit, bisewit, eng Schappe Wäin. | |
| | | - Bisewit, bisewit, dat kann nit säin! | |




Arel-Arlon : D'Mëttelschoul vun de Meedercher - Ecole moyenne des filles

LAACHEN A SPAASSEN

Eng Nuecht wou den Ellespill an enger Beienhaip geschlof huet gouf déi vun zwéin Déif gestuel. Fir erëm fräi ze gin huet hien de viischten Déif mat den Hor gezunn.


- Wat geet dech dann un, sot den Déif? Du huet den Ellespill den hënneschten Déif mam Baart gezunn.
- Wat méchs du, sot hien?

Déi Zänkerei as esou viru gaang bis dass déi zwéin Déif sech geklapp hun. Dunn as den Ellespill mam Beiekuerf fort gelaf.

# 1999

# SEPTEMBER - HIERSCHTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Bekëmmer dech dénger da kënns de an näischt | *Ejhid* |
| Donneschteg | 2 | Wat däint nët as dat looss leien! | *Ingrid* - 22 Auer 18' |
| Freideg | 3 | Et as esou däischter et fënnt ee säin eegene Mond nët! | *Gregorius* |
| Samschdeg | 4 | Maach du Däint, da maachen ech Mäint! | *Rousel* |
| **SONNDEG** | **5** | Schwätz Däitsch oder schäiss Buschtawen | *Bernard* |
| Méindeg | 6 | Op gutt Däitsch nennt een dat e Fatzbeidel | *Regina* |
| Daaschteg | 7 | Wann der Däiwel d'Päerd huet kann en de Suedel och huelen | |
| Mëttwoch | 8 | En huet der Däiwel an der Panz | Mariagebuurtsdag |
| Donneschteg | 9 | E stellt sech wéi der Däiwel am Wäiwaasserkessel | *Alain* - 22 Auer 03' |
| Freideg | 10 | Et as op ier der Däiwel Schong an Huesen un huet | *Ines* |
| Samschdeg | 11 | Der Däiwel bleift nët ëmmer op der selwechter Dir sëtzen | *Adolphe* |
| **SONNDEG** | **12** | Wou eiser Härgott eng Kiirch baut, do baut der Däiwel eng Kapell | |
| Méindeg | 13 | Lëschteg gelieft a séileg gestuerwen, as dem Däiwel d'Handwierk verduerwen | |
| Daaschteg | 14 | En as wéi vum Däiwel besiess | *Hellegt Kräiz Erhéiong* |
| Mëttwoch | 15 | En as dem Däiwel ze schlecht, dee Kannerschënner | *Siwe Schmerze Maria* |
| Donneschteg | 16 | Wat der Däiwel nët weess, dat weess eng al Fra | *Editha* |
| Freideg | 17 | Déi Aarbecht do as déi rengst Däiwelerei! | Renaud - 20 Auer 07' |
| Samschdeg | 18 | Ech schenken der Kaz meng Deel nët! | Nadege |
| **SONNDEG** | **19** | Kleng Kanner dämmelen d'Mamm um Schouss, grouss Kanner um Häerz | |
| Méindeg | 20 | All dat dämpen déngt näischt, awer et mécht de Kiirfecht räich | |
| Daaschteg | 21 | Wann een danzereg as fënnt een och Päifer | *Mätt* |
| Mëttwoch | 22 | Spuer well et sin deer Deg vill an deer Moolzechter nach méi | *Moriss* |
| Donneschteg | 23 | Kräisch nët dees du bas geschloen | HIERSCHT - *Constant* |
| Freideg | 24 | Un engem décke Maufel as nach keen erhëngert | |
| Samschdeg | 25 | Et mengt et hätt eiser Härgott mat der décker Zéif | 10 Auer 52' |
| **SONNDEG** | **26** | Fält e Meedchen an eng däreg Heck da weess een nit wat fir een Dar gestach huet | |
| Méindeg | 27 | E geet mat mer duurch déck an dënn! | *Vincent de Paul* |
| Daaschteg | 28 | Wann d'Kand am Pëtz läit, man se en Deckel drop | *Wenceslas* |
| Mëttwoch | 29 | Déi déck Hënn bäisse sech nët! | *Méchel - Gabriel - Raphaël* |
| Donneschteg | 30 | UM HAFF : - Et as näischt un den Deg, klot de Bauer | *Jerôme* |
| | | - Et as näischt un den Nuechten, mengt de Kniecht | MECHELSSUMMER |
| | | - Da wéiss ech awer gär wuer all déi Zäit hi kënnt, sot d'Fra! | |




Barnich-Barnich : D'Musek «Harmonie Royale» vun Autelbas-Barnich
L'Harmonie Royale le 21-07-1930


AREL LAND A SPROOCH

SPAASSEN A LAACHEN
Fir de Kinnek un d'Laachen ze bréngen huet den Ellespill de Biirger all versprach ze fléien. E klëmmt dunn op den Daach vum Stadhaus a waart bis d'Leit all do sin.
Du seet hien :
- Ech duecht ech vir eleng e Geck, awer ech gesi gutt dass d'ganz Stad voll Gecke lääft. Hätt ee mer gesot e géng fléien dann hätt ech et nit gegläft a wir och nit kucke gaang.

# 1999

# OKTOBER - WÄIMOUNT
## GROMPEREMOUNT - REISMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Freideg | 1 | D'Geleenheet mécht den Déif! ........ *Thérèse vu Lisieux* |
| Samschdeg | 2 | Dat Deiert as nach ëmmer dat Bëllegst ........ *Schutzengelfest* - 4 Auer 03' |
| **SONNDEG** | **3** | Deen et laang huet, léisst et laang hänken, deen et méi laang huet, schlääft et no ........ |
| Méindeg | 4 | En Déif an d'Léift sin nit auszehidden ........ *Franziskus* |
| Daaschteg | 5 | Geet ee Rad fir den Dénger an dräi fir den Här, da geet et biergaf ........ *Fleur* |
| Mëttwoch | 6 | Eemol ech denken as besser wéi honnertmol ech duecht ........ *Bruno* |
| Donneschteg | 7 | E versteet kee Spaass, en as am Déngscht ........ *Muttergottesrousekranz* |
| Freideg | 8 | De Mënsch denkt an eiser Härgott renkt (lenkt) ........ *Pélagie* |
| Samschdeg | 9 | Kleng Dëppe lafe gär iwer! ........ Denis - 11 Auer 35' |
| **SONNDEG** | **10** | Säin Hor steet esou dënn wéi aarme Leits Kar ........ *Ghislain* |
| Méindeg | 11 | Jidder Dëppe fënt säin Deckel ........ *Firmin* |
| Daaschteg | 12 | Déi al Dëppe kachen am beschten ........ *Wilfrid* |
| Mëttwoch | 13 | Kleng Dëppen hun oft grouss Oueren ........ *Aureli* |
| Donneschteg | 14 | En Dëppen dat kacht lääft gläich iwer ........ *Jhust* |
| Freideg | 15 | Du stierfs nit dervun awer dermadder ........ *Thérèse vun Avila* |
| Samschdeg | 16 | E gudden Dësch a wéineg Aarbecht kann nit härden ........ *Edwige* |
| **SONNDEG** | **17** | Wat ënnert den Dësch fält, as fir den Hond ........ *Baudouin* - 15 Auer 01' |
| Méindeg | 18 | All Nuech as hien am gaang Dillen ze séen ........ LUKSSUMMER - *Luksdag* |
| Daaschteg | 19 | Gët d'Zäit der laang dann diebel se a sëtz déch drop ........ *René* |
| Mëttwoch | 20 | Wat ee Kapp! Deen as gutt fir Dillen ze droen ........ *Adeline* |
| Donneschteg | 21 | Kiert jidderee vru senger Dir, da bleift d'Duerf propper ........ *Ursula* |
| Freideg | 22 | D'Honn an d'Häre maache keng Dir hanner séch zou ........ *Elodie* |
| Samschdeg | 23 | Du gës dir selwer e Fouss hannewidder! ........ *Jhang* |
| **SONNDEG** | **24** | Deen huet e Kapp wéi en Dixionär! ........ *Florentin* - 21 Auer 03' |
| Méindeg | 25 | Et as esou dir dass ee muss zweemol kucke fir et ze gesinn ........ *Doria* |
| Daaschteg | 26 | Dora gi mir nit gefrot, wann den Härgott eppes mécht ........ *Armand* |
| Mëttwoch | 27 | Doheem as et am beschten! ........ *Emeline* |
| Donneschteg | 28 | Hat Dir Säck doheem an den Diren hänken, du Wëktaasch? ........ *Simon* |
| Freideg | 29 | Kritt de Jong den Dëschstempel tëscht d'Knéien, gët hien nit Meeschter am Haus ........ |
| Samschdeg | 30 | UM MENÜ Diirt Flääsch as Bauerekascht ........ *Bienvenue*<br>Gréint Flääsch as Steetskascht. |
| **SONNDEG** | **31** | Hien : - Wat gët haut ziessen? ........ *Wolfgang* - 12 Auer 05'<br>Hatt : - Nëmmen Deckelen am Dëppen a wann s de nit gees da kriss de de Wësch gekacht.<br>Hien : - Ech sin hongreg! Ech géng e Biessem friessen.<br>Hatt : - Da leck Salz da gës de duuschteg. |




Arel-Arlon : Virun der Schluecht - Le champ de tir avant la bataille (18 juin 1914)

AREELER LAND A SPROOCH

SPAASSEN A LAACHEN
Esou äntwert den Ellespill!
- Wat méchs du fir ze liewen, frot de Bäcker?
- Ech erhéngeren!
- Géi mir aus den Aen, sot de Meeschter!
- Ech kann nët, ech sin emol nët drann.

De Bäcker sicht e Gesell.
- Ech brauch e Gesell dee spuere kann a fir dat muss du d'Miel am Liichteschäin saffen. Du huet den Ellespill d'Miel owes, wou d'Liicht erageschengt huet op de Buedem verspråt.

# 1999

# NOVEMBER - NIWWELMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Doheem nët wuel, néiere wuel ........... ALLERHELLEGESUMMER - *ALLERHELLEGENDAG* |
| Daaschteg | 2 | Hokes, pokes, dokes gesot ... an da geet et! ........... ALLERSÉILENDAG |
| Mëttwoch | 3 | Doloun, Joloun! ... Besser voll wéi doll! ........... *Hubertus* |
| Donneschteg | 4 | Wie seng Fra gär huet léisst se doheem ........... *Charel* |
| Freideg | 5 | Wann een domm as dann as et fir laang ........... *Lisbeth-Zacharias* |
| Samschdeg | 6 | Domm as erlaabt, ma miljessen domm soll am Gesetz verbuede sin ........... |
| **SONNDEG** | **7** | Et mussen Dommer sin soss hätten déi Gescheit kee schäin ........... *Ernest* |
| Méindeg | 8 | D'Guttheet as e Stéck vun der Dommheet ........... 3 Auer 54' |
| Daaschteg | 9 | Looss e roueg! En huet en Donnerwieder gelueden ........... *Théidor* |
| Mëttwoch | 10 | Wann et och schon donnert et huet een awer e Mann am Haus, sot d'Fra ........... |
| Donneschteg | 11 | Dat gët iech der dräizeng fir d'Dosen ........... ARMISTICE 1918 - *Mäertesdag* |
| Freideg | 12 | Géint der Doud as kee Kraut gewues ........... MÄERTESSUMMER - *Christian* |
| Samschdeg | 13 | Zënnter der Doud erfont as, as een dës Liewen nit méi sécher ........... |
| **SONNDEG** | **14** | Deen huet awer eng dréche Liéwer! ........... |
| Méindeg | 15 | Dat Meedchen as eng Doudsënn wäerd! ........... *Albert* |
| Daaschteg | 16 | Den alen Draach kënnt u méch! Ech gin al! ........... Margréitendag - 9 Auer 04' |
| Mëttwoch | 17 | Dat do war ëmmer mäin Dram! ........... *Elisabeth vun Ungarn* |
| Donneschteg | 18 | Kuck nit dra wéi dräi Deg Reen! ........... *Petrus a Paulus* |
| Freideg | 19 | Wann deen Dreck nit ewech kënnt da léen ech mech drann! ........... |
| Samschdeg | 20 | En as aus dem Haischen! ........... *Edmond* |
| **SONNDEG** | **21** | Dat dauert eng Eiwegkeet an nach dräi Deg! ........... *Christ-Roi* |
| Méindeg | 22 | Dräi Gänsen an e Framënsch maachen ee Maart ........... *CECILIENDAG* |
| Daaschteg | 23 | Et as keen Äfalt, et as en Dräifalt, deen Dräibiz! ........... *Clément* - 7 Auer 05' |
| Mëttwoch | 24 | Dräimol as göttisch, véiermol as spëttisch! ........... *Flora* |
| Donneschteg | 25 | Deen do as nach nit dréchen hannert den Oueren! ........... *KATHRINENDAG* |
| Freideg | 26 | Wat een den Dreck méi réiert wat e méi stenkt ........... Delphine |
| Samschdeg | 27 | Kaum huet een de Réck gedréint dann as der Däiwel lass! ........... |
| **SONNDEG** | **28** | Den Dreck lääft bis en zesumme kënnt ........... ADVENT |
| Méindeg | 29 | Dréck keng Kalenneren a looss dech nit op d'Aen drécken ........... 23 Auer 30' |
| Daaschteg | 30 | FREIEREI : ........... *ANDERSDAG* |

- Wie fir Edem wëllt goen, muss kënnen aacht Deg am Dréppschlaach stoen.
- Ech wëll deen nit, sot d'Meedchen, en as dem Äfalt aus der Drobier gefall!!
- En huet eng Maul wéi e Kallef, d'Nues nëmmen hallef, Schong ouni Suelen, an d'Strëmpf gestuelen...!




Arel-Arlon : Spektakel virun der Donatistrap - Place verte (Quartier latin) (1902)

SPAASSEN A LAACHEN
Den Ellespill a säi Frënd um Maart.
Den Ellespill
- Kann ech der hëllefen eppes droen?
De Frënd :
- Dann dro alt de Fësch an dat Gefligel!
- Weess du dann och firwat dass du sou geckeg bas? Well s du d'Iessen dréiss aplaz et an de Mo ze din.
Den Ellespill :
- Komm mat heem an dann ëss du wéi ech! Doheem huet den Ellespill séier een Hinche gebrot a giess an deen aner dem Frënd gelooss.

# 1999

# DÉZEMBER - KRESCHTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Den Honger dreift de Wollef aus dem Bësch | *Eloi* |
| Donneschteg | 2 | Et dréint drëm wéi d'Kaz ëm de waarme Bräi | *Viviane* |
| Freideg | 3 | Eng déiglech Drëpp schléit e Lach an de Steen | *François-Xavier* |
| Samschdeg | 4 | Wou et op de Paschtouer reent drëppst et op de Koschter | *Barbara* |
| **SONNDEG** | **5** | Et as kee Samschdeg sou dréif, d'Sonn schéngt der Muttergottes zu Léif | |
| Méindeg | 6 | Et as nit fir dech! Maach e Kräiz deriwwer | NEKLOOSDAG - *Nick* |
| Daaschteg | 7 | En as nit Scheefche wéi e Woll dréit | *Ambrosius* - 22 Auer 23' |
| Mëttwoch | 8 | Et geet näischt deriwwer wéi wat drënner as | Onbefleckte Emfagnis Maria |
| Donneschteg | 9 | Wat as dat mer en drolechen Apostel an eng Drummsee | *Péiter* |
| Freideg | 10 | En as drop lass gaang wéi de Stéier op d'rout Duch | *Romaric* |
| Samschdeg | 11 | Et muss een et mat der Nues drop stousse fir et ze bekäppen | *Daniel* |
| **SONNDEG** | **12** | Dat as nëmmen e bessi Gedruddels, dat heescht nit spillen | |
| Méindeg | 13 | En hält sech dru wéi de Geck un de Béngel | LUZIASDAG |
| Daaschteg | 14 | Fir d'Duechter ze kréien, muss een d'Mamm freien | *Odila* |
| Mëttwoch | 15 | Wann een deet wat ee kann, dann deet ee genuch! | *Ninon* |
| Donneschteg | 16 | Duurch d'Fale léiert ee goen! Endlech as nit éiweg | Adelheet - 0 Auer 51' |
| Freideg | 17 | So nit «du» zu mir, mer hun d'Schwäin nit matenee gehutt | Judicaël |
| Samschdeg | 18 | Aus Spaass gët Eescht! ... Eistand, Wéistand! | Gatien |
| **SONNDEG** | **19** | Eng Eier as der aner wäert | Abraham - Isaac - Jacob |
| Méindeg | 20 | Et kann een nit de ganzen Dag Eia popeia sangen | Théophile |
| Daaschteg | 21 | Dee bleift bäi der éischter Ei, dee kennt weder Usch nach Wéi | |
| Mëttwoch | 22 | D'éischt bäim Wäiwaasser, d'éischt geseent | WANTER - Urbain - 17 Auer 32' |
| Donneschteg | 23 | Eierlech dauert am längste well et am wéinegste gebraucht gët | |
| Freideg | 24 | Eischt Gewënner, lescht Verspiller! | Adèle-Irma |
| Samschdeg | 25 | Besser e midden Aarm wéi en eidelen Darem | KRËSCHTDAG - Emmanuel |
| **SONNDEG** | **26** | D'éischt war et déi Këss a Leck, duerno déi Rapp a Klapp | Steffesdag |
| Méindeg | 27 | Wann een dräi Paschtéier begéint muss een Eisen upaken | Jhang Apostel |
| Daaschteg | 28 | D'Kanner kommen éischter wéi d'Renten | Onschëlleg Kanner |
| Mëttwoch | 29 | Alles geet erlaanscht awer déi laang Eiwegheet nit | David - 14 Auer 05' |
| Donneschteg | 30 | Mer wënschen Iech all eng Gesondheet vu Stol an Eisen<br>éiweg soll Der Liéwen an nach zéng Jor derniewen! | Roger |
| Freideg | 31 | KAARTESPILL : Häerzer Tromp, de leschten as drun!<br>- Jo, an d'éischt Gewënner sin déi lescht Verspiller!<br>- Maach du djhip wann d'Vulle päifen. Hei de Kinnek!<br>- An hei den Äss! an du bas drun, wéi Péitsche Mumm hiirt Fierkel dat am Ramdëppen ersoff as.<br>- Kernonzénghonnertnéngannonzeg am Schaf! | SYLWESTEROWEND |